déi Lénk

**Communiqué.**

Lëtzebuerg, den 20. September 2024

**Affär Caritas :**

## HUT trëppelt d'Aarbechtsrecht mat de Féiss.

Nodeems d'CSV-DP Regierung der Caritas all Conventiounen ewechgeholl huet an d'Finanzementer fir d'Aktivitéiten un eng Organisatioun transferéiert huet, déi vun der Struktur méi un eng Audit-Gesellschaft erënnert wéi un eng ONG, gi mer haut duerch den OGBL gewuer, dass déi nei Organisatioun, „Hëllef um Terrain" (HUT), et net esou genau mam Aarbechtsrecht hëlt.

D'Salariée vun der Caritas gi gefrot hir aktuell Kontrakter opzeléisen an neier mat HUT z'ënnerschreiwen. All d'Rechter, déi d'Salariée vun der Caritas sech iwwer Joren haart erschafft hunn, ginn esou mat de Féiss getrëppelt. Géing ee Salarié dat maachen, géing hien seng Acquisen, eventuell säi Salaire an och nach aner Rechter opginn, an et en hätt och keng Garantie, datt seng Aarbechtsplaz géif erhale ginn. Ausserdeem ass d'Aarbechtsrecht formell: et kann ee keen zwéngen ze demissionéieren.

Dass Gewerkschaften elo aus den Diskussiounen ausgeschloss ginn, gëtt der Saach natierlech och ee komeschen Nogeschmaach. Et ass bal wéi een d'Salariée wéilt an nei Gegebenheeten eranzwéngen, ouni hinnen d'Chance ze ginn, sech ze wieren. A wien ass besser fir esou eng ondankbar Aufgab, wéi ee Verwaltungsrot zesummegesat aus Leit aus dem Audit-Beräich?

D'Virgoe vun der neier Struktur ass inakzeptabel. D'Salariéen, déi laang Jore gutt Aarbecht fir d'Caritas geleescht hunn, ginn elo d'Affer vun illegale Machenschaften an de Banken, déi hire Kontrollverflichtungen net nokomm sinn . A speziell och nach vun enger Bank, der Spuerkeess, déi praktesch eng staatlech Bank ass. D'Regierung muss elo ophalen ze maache, wéi wann si dat ganzt näischt géing ugoen. Et ass elo un hir sech dofir anzesetzen, datt d'Caritas propper opgeléist gëtt, an dass de Salariéen hir Rechter an Acquise garantéiert ginn. Well och hei ginn et Alternativen zum sozial Ofbau. Zum Beispill, dee sougenannten „transfert d'entreprise"[1] deen et HUT géing erlaben d'Salariée mat hire Karriären z'iwwerhuelen. Esou géing och d'Personaldelegatioun vun der Caritas weiderbestoen an e Member vun der Delegatioun kéint am Verwaltungsrot sëtzen.

Wann de Luc Frieden an de Xavier Bettel nämlech weider de Kapp am Sand stieche loossen, da bezuelen eng Rei Salariéen an d'Zivilbevëlkerung an de Cooperatiounslänner d'Fraise fir d'Onzoulänglechkeete vun de Banken.

---

[1] https://www.csl.lu/fr/vos-droits/salaries/fin-du-contrat-de-travail/transfert-dentreprise/